# jean-paul sartre an ernst wiechert

**Auszuch aus deem neie roman HUNNEGSUCKELER, geschichten aus de fofzeger joeren vum roger manderscheid, deen am hierscht beim PHI-Verlag zu iechternach erschéngt.**

-dongt iech aus.

-ganz?

-wat eng domm. plakeg, wannechgelift.

dee kale rondel vum militärdokter sengem stethoskop op der broscht, um réck, op der broscht. säun ugeräicherten otem.

-kniebeugen, allez, zwanzeg mol.

-sch, sch, sch.

-geet den otem iech aus?

-eng grimmel.

-dat as normal.

no enger paus:

-watfir krankheeten hate mer da bis elo?

-d'riedelen.

-soss keng?

-eng kéier eng angine, eng ganz uerg.

-wéini?

-mat dräi joer.

-wat nach?

-d'mumms.

-keng difteritt? keng aner ustiechend affär? keng geschlechtskrankheet?

-neen. ech mengen net.

-wat heescht hei ech mengen net?

-neen.

-mat dir sport?

-ech ging gär.

-wat heescht dat do dann?

-mäi papp as do dergéint.

-also kee sport.

-velofueren.

-wéi dax?

-all dag. ech war elo mat engem kolleg mam velo an d'schwäiz.

-an d'schwäiz?

-op montreux.

-also awer sport. ok. dongt iech nees un.

-mellt der iech fir bei d'reserve-offizéier?

dat war net den doktor, mä en anere militär, deen dat gefrot huet. hien hat op all schëller zwéi gëlle stären. de chrëscht huet gezéckt. hie gesouch säi papp doheem ënnert der auer an der fotell sëtzen, rose viru sech ze stuerken.

-hut der net héieren? héiert der net méi gutt?

-dach, dach.

-also mellt der iech, jo oder neen?

-jo, sot hien. vill méi haart, wéi hien eigentlech wollt.

-gutt, ënnerschreift hei. merci. dir git da geruff fir den test. déi aner woch. deen nächsten.

-an doheem, wat war dann doheem lass déi zäit. du ziels net méi vill vun izeg, vun dengem papp, der tatta zëss, dem bruder heng, der schwëster nell? seet d'annabell.

-doheem? also: mir sin aus der schwäiz erëmkomm, den zweeten august.

kuerz drop hun ech an der izeger schoul, bei mengem ale schoulmeeschter, dem här schmit, e stage vu véierzéng deeg gemat, dee mir eng qualifikatioun sollt gin, fir als ersatzschoulmeeschter schoulhalen ze goen. déi véierzéng deeg waren en erliefnes. fir d'alleréischt sutz ech hannen an enger bänk, nozelauschteren an nozekucke wéi schoul gehale get. ech war bluttjonk dee moment an hu mech net wéineg gebretzt virun de kanner aus dem duerf. wat mir gehollef huet, wéi ech dann lo selwer hu misse bei d'tafel a virun d'klassen trieden, war meng fantasi a mäin talent fir ze erzielen, an dobäi z'improviséieren. ech hat jo sou dax op der izeger bühn, déi mol nach keng fofzeg meter vun der schoul ewech luch, mat theater gespillt, a schoulhale war och theaterspillen. ech hun d'roll vun engem *här lehrer* gespillt, misse spillen, well ech war jo kee richtegen. besonnesch am aufsatzvirbereede war ech en as. am rechnen net. do hun ech mech missen doheem virbreeden, fir keng dommheeten zum beschten ze gin. de kubikinhalt vun enger ofgebrachener piramid oder de flächeninhalt vun engem ofgebrachene kegel hu mech schéin duercherneebruecht. et ware jo just siwe joer hir, dass ech an dene selwechte bänke gerëtscht war. dee schoulsall war nach eemol wéi d'anert, mat der grousser europakaart lénks iwer der tafel un der mauer, mat deemselwechte gudde geruch no buedemwichs, fiichter kräid an hellgielem holz. mat deem sëlleche liicht vu bausen, enger hellegkeet, déi mech sou vill dräme gelooss hat. mam schoulhaff op der lénkser, a mam schoulhaaf op der rietser säit, woubäi deen op der rietser säit mat enger haushéijer mauder d'duerfstrooss dobausse gehalen huet, déi sou héich luch wéi d'schoul. dat hätt ech mer am sechste schouljoer ni dräme gelooss, dass ech eng kéier hei tëschent de bänke ging op- an ofgoen an an der paus op an of am haff mat der léierin a mam schoulmeeschter zesummen. wéi di grouss. sérieux an op zack. den inspekter war zweemol kucke komm a war zweemol zefridde mam amateurschoulmeeschter. an esou momenter war de plakapp total, integral, vun hanne bis vir, vergiess. huet net méi existéiert. *gléck* huet dat bedeit. soss näischt. *gléck.* dann as et wéi eng waarm reeschauer duerch hie gestrunselt an hien huet sech akzeptéiert gespuert. gläichberechtegt ugeholl. unerkannt. trotz der bëls an trotz den oureblieder. an nees un eng zukunft voller iwerraschunge gegleeft. hie war wéi besoff, awer ouni och nëmmen eng drëps alkohol ugepaakt ze hun. bal esou e prickelegt gefill, wéi wann en engem léiwe meedchen mam kaffisläffelchen an der taass ze réieren déi onerwaarten an onverschimmten éier gehat hätt. doheem? frees de. doheem? de jos an der fotell. hannert dem *wort* begruewen. just dee schluetwäissen ieweschte kapp luusst eraus.

-hei steet eppes iwert d'bataillounsfest zu bitburg, huet e vläicht gesot, dat musst d'onbedéngt liesen, wann s d'elo bei d'arméi gees. de capitaine heldenstein bréngt der do manéiere bäi. da léiers d'endlech follechen. déi häre faxen net laang.

en huet bei dene wierder de kluef net aus em mond geholl. schon zanter der première vu sengem jéngsten hat hien an der wierkstat missen ophalen. d'häerz huet him hei ant do am leif gebaggert, dass een et vu baussen héieren huet. hien huet vill gedoktert. haut weess ech, dass en eng silikos hat, eng krankheet, déi spéider, o joere spéider eréischt, als berufskrankheet unerkannt gin as. wat fir hien eng grouss finanziell erliichterung duergestallt hätt. hien, dee keng rent hat. well en ni an eng pensiounskeess cotiséiert hat. aarm war en net, awer och net räich. 't as



A. Divandari
Cartoons 1992

duergaangen, fir net z'erhéngeren. well den heng jo elo verdéngt huet. deen hat, no deem hien e puer joer als aarbechter um kallékswierk zu conter hat misse murksen, eng plaz fond als *déclarant en douane* bei der firma siemens. Glécklecherweis. d'hénger ware geschluecht and d'kéi och. déi ganz riets halschecht vum haus, de kéistall an d'scheier, stungen elo eidel. d'mais an d'raten hu sech do rendez-vous gin. d'nell war zanter engem joer mam tun vu begge bestuet an et kum all véierzéng deeg fir een dag op besuch. wann et kumm, hat et all kéier e geschenk fir de chrëscht, en neit hiem, e puer nei kalzongen, e puer strëmp, déi et him heemlech gin huet mam wonsch, nëmme sengem mann näischt dovun ze soen. den heng kumm owes dax spéit vun der aarbecht heem. hei ant do hannen héich. hien huet ëmmer nach, dag fir dag, seng pickür insulin an den ieweschten aarm oder an eent vun den ieweschte bee gejot krut. vun der tatta zëss. bei him sutz de larifari hoerschaarf niewent der verzweiwlung. hie war dee beschten akteur aus dem duerf. schon wann hien nëmmen op d'bühn kumm, hun d'leit am sall gelaacht. hien hat eng éischtklasseg stëmm fir op d'bühn. awer en huet keng roll auswenneg geléiert. huet dax improviséiert. wéi wann hien d'stéck geschriwen hätt. den heng huet säi klenge brudder bewonnert. well deen esou gutt mole kënnt. sot den heng. méi wéi eng kéier huet en him suen an d'täsch gestach. de chrëscht hung och um heng. dax huet e gefill vu matleed hien iwerdubbert. e luch dann uewenop op sengem bett ze kräischen. ënnenan huet en den heng héiere fluchen a bläre wéint deër sau sprëtz vun all dag. d'tréine sin em chrëscht nëmmen esou erausgesprüddelt. dem heng seng kreesch sin ëmmer op ee coup verläscht. dann hat hie säi billjee nees an der täsch fir e weideren dag iwerliewes. fir chrëschtdag si kaarten aus amerika ukomm. d'ji-eis hu sech gär un izeg an un d'wonerhaus erënnert. de jos huet déi kaarten an enger schongkëscht gesammelt. de chrëscht huet missen zréckschreiwen. op englesch. *happy greetings to all of you.* sonndes as hien an d'mass gaangen. de chrëscht war éischten tenor. huet och alt virgesongen. fir hie war d'kiirch en uert, wéi et soss kee gouf. geheimnisvoll. rätselhaft. risegrouss an der dämmerung. dee grandiosen altor viraus, eppes wéi e barbaresch grousse schaf, eng bühn fir iwernatiirleches. wann hien nëmme sengem gefill nogung, ouni nozedenken, war d'kiirch eppes wéi eng friddlech insel am onrouege mier. an d'sakristei eréischt. deen hellje schloff. an déi holzen trap am eck fir an de klackentuerm erop. trap, an deër all träpplék seng eege musek mouch, wann een drop geträppelt huet. war dat alles scho vergaangenheet? fort a vergiess? war dat soss näischt, wéi e stéck vu senger kandheet. a war déi net och definitiv d'baach of? hat net en neit liewen ugefaangen? mam schoulhalen an der izeger schoul? kloer. esou war et. hie war elo aus der schoulbänk opgeruff gin, stung elo *virun* de kanner. fir de rescht vu sengem liewen. wann hien allerdéngs wollt nodenken iwer d'kiirch, jee: iwer gott an d'welt, kumm hien an d'labirenten. ganz séier. gefill eleng geet net duer, verstand eleng och net. an déi zwee zesummen hu sech net verdroen. dax hat hien eppes wéi en ekel. dann huet hie camus gelies. wéi een, deen ënnergeet. oder sartre. oder trakl. wéi wann dat gehollef hätt. le mal su siècle. hien huet dodrënner gelidden. huet sech permanent iwerschätzt. an ënnerschätzt. krut sech net ze paken. wou sin ech drun? wou? wie sin ech? wat sin ech? wann d'sonn geschéngt huet, an haut mengt een, d'sonn demols hätt an engem stéck um himmel uewenaus op déi gëllen tromm geschloen, sutz de wonerjos dobausse virum haus op der bänk, den hut an d'stir gezunn, de kluef am bak, de leit moien ze soen, déi an der strooss laanschtgungen. d'bänk huet aus elauter late bestanen. de jos hat se selwer gemat. zanter zwee joer war un enger lat de bu ewechgebrach. dat war net schéin. huet de chrëscht a sengem künstlereschen ëmfanne gestéiert.

-wéini méchs d'emol eng nei lat an déi bänk? 't rappt ee sech ëmmer bal d'box drun op.

-mar, sot de jos dann ëmmer. mar. hun ech dat ëmmer nach net gemat?

déi lat gouf ni ersat. haut get et déi futtis lat mat der ganzer bänk nët méi. d'bänk as och am laf vun de joere verschwonnen. d'baach ofgaangen. mam wonerjos drop.

a wann ech elo schon nimm wéi *camus* a *sartre* hei ernimmt hun, - op der säit vum verstand -, muss ech och éierlech sin an den *ernst wiechert* nennen, - op der säit vum gefill -, fir deen ech an de fras déi zäit geschwärmt hun. (eng gréisser differenz an der litteratur kann et knapps gin, ech weess.) an zwar esou geschwärmt, dass mer, ugestach an ugestiwelt vum roman *Das einfache Leben*, am vollen eescht äis virgeholl haten, am bësch, deen em fras sengen eltere gehéiert huet, äis en eck fräizehaen an do eng hütt opzeriichten, fir dodran ze liewen. dat war kuerz virum premièresexamen. an zwar fir ëmmer. an zwar ouni witz. mir hate wëlles do, op enger bëschkëpp an der sonn, weess ze planzen a kar, och sonneblummen, gromperen ze setzen, zallot ze séien, réidercher, wuerzelen a kabes. a brout ze baken am feier. als ökologe virun der zäit, souzesoen, als gréng avant-gardisten. mir, als zwee vun dene beschte frënn, déi et jee op der welt oder an der litteratur goufen. mir hu kengem eppes dovu gesot. 't war eist geheimnis. d'welt dobaussen huet äis net sonnerlech ugezunn. mat hire ville falen an hannerhältege schléff, an déi ee kënnt geroden fir ni méi erauszekommen. wat hate mir propper gewäsche séilen demols. wat ware mir massendénger. am geescht, mengen ech. wat hu mir äis de kapp zerbrach iwert dat sechst gebot. ëmmer nach. ich habe unkeusches gedacht, begehrt, getan, allein oder mit anderen? allein. natiirlech. leider. an dat huet äis gewëssensbëss gemat. fiirchterlech gewëssensbëss. war d'hütt am bësch och eng reaktioun op dat gefill, am moraleschen ëmmer an ëmmer nees ze versoen? wollte mer als einsiedlermönchen hannert dem eechelaf verschwanne fir äis do ze verstoppen? fir am allerleschten däischteren eck vum décke bësch eis sënnen ze bereien an dofir ze béissen? mir waren souguer d'plaz eng kéier erausichen. an ausmoossen. sollten och mat der ax a mam beil deen nächste samschde lassleën. et kumm ni derzou. wat war geschitt? ech wees et net. dem fras säi brudder, de léon, war mat siwenanzwanzeg joer nach paschtouer gin. e wonnerbare mënsch. haut lieft en am frankräich an enger aarmer por. ouni pei an ouni pensioun. am géigendeel zu dene ville lëtzebuerger staatsbeamte-

**wat hate mir propper gewäsche séilen demols. wat ware mir massendénger. am geescht, mengen ech. wat hu mir äis de kapp zerbrach iwert dat sechst gebot. ëmmer nach. ich habe unkeusches gedacht, begehrt, getan, allein oder mit anderen? allein. natiirlech. leider. an dat huet äis gewëssensbëss gemat. fiirchterlech gewëssensbëss.**

paschtéier. deem hu mer eis sexuell nout geklot. an de lee sot: mat iech dach keng gedanken doriwer, wi- vill paschtéier mengt der, dass owend fir owend un der quadratwuerzel rappen? (oder un der kächen?) eng natiirlech saach, d'sexualitéit. vun der kiirch iwerbewäert. als drockmëttel benotz. tabuiséiert. de fras an ech hun iwert alles mateneegeschwat. iwert alles. awer hannert déi verluge romatik vum wiechert hu mir allenzwee déi zäit net gesinn. an engem usaz hat ech och nach de wälzer *Die Jerominkinder* gelies an doduerch de wiechert esou erageholl, dass ech mech net méi dergéint wire konnt. déi zäit hun ech owes entweder beim gatt zu stroosse geschlof oder hie bei mir zu izeg. mir hun äis déi zäit dax iwert mäi papp ënnerhalen, de jos. hien hat ugefaangen, sech muejes an d'fotell ze sëtzen an net méi opzestoen. mat der zeitong war hien ëmmer *méi* séier fäerdeg. en huet da viru sech gekuckt. d'hänn am schouss an déi puer wäiss fliichten d'lut aus. och de kluef huet net méi sou gutt geschmaacht.

-wat soll däi papp hun? sot de gatt.

-ech weess et net, sot ech. meng mam as dach elo scho sechs joer dout. e get vun dag zu dag méi me- lancholesch, fällt ëmmer méi op sech zréck, schwätzt net méi sou dax. an net méi sou gär, zielt keng witze méi. d'lescht war d'auer stoebliwen an en huet déi mol net opgezunn. eréischt dräi deeg duerno huet e sech de stull gekroopt fir bei d'auer ze klammen. an dach huet en em chrëscht vill saache verbueden, dofir war en net ze melancholesch.

-also denk drun, hat e gesot, wann s de mar an d'mu- sterung gees, bleif mer vun arel ewech. hues de héie- ren?

-jo papp.

-arel as näischt fir dech. dat packs du net.

-jo, papp, neen, papp, dach, papp. (schäiss, papp).